LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 19 décembre 2014
Réf : QP-52/14

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°715 du 18 novembre 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe notre réponse conjointe à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

15-0C2144-20C41018-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Etienne Schneider et de Monsieur le Ministre de la Justice Félix Braz à la question parlementaire n°715 du 18 novembre 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

1. Den Justizministère, deen den Beräich vum Mënschenhandel coordinéiert, huet am Abrëll 2013 eng Kopie vum virleefegen Rapport krut mat der Ufro deen ze kommentéieren.

Informatiounen an Kommentare zum virleefegen Rapport sinn vum Justizministère iwwermëttelt ginn.

2. D'Regierung bedauert deen relativ schwaachen Ranking vun Lëtzebuerg well virun allem déi lescht 2-3 Joer vill Initiativen am Beräich vum Mënschenhandel geholl goufen.

Et muss een ënner anerem ervirhiewen dass Lëtzebuerg all Direktiven an Conventiounen vum Conseil de l'Europe an dëser Matière em gesat huet.

3. D' Police an d'Justizautoritéiten stellen fest dass zu Lëtzebuerg all Joer an der Moyenne ronn 10 Leit Affer vun Mënschenhandel sinn. D'Affer kréien an deenen Fäll Hellef ugebueden wie se an der Gesetzgebung virgesinn ass. (Placement an enger Struktur, finanziell an psychologesch Hëllef, juristesch Hellef etc.).

4. Laang Zäit gouf et eng kloer Dominanz vun Affer aus dem Beräich vun der sexueller Ausbeutung mee déi lescht 1-2 Joer kommen verstäerkt Affer aus dem Beräich vun der Aarbechtswelt derbei. D'Unzuel vun de Fäll vun Mënschenhandel innerhalb vun de Stéit ass geréng

5. En Comité de Suivi ass aktuell matt der Ausschaffung vun engem spezifeschen Aktiounsplang befaast deen sech just op den Mënschenhandel bezitt. An deem Comité ginn natierlech och präventiv Mesuren diskutéiert an eventuell dann och decidéiert. Zum Beispill gouf lescht Joer eng Brochure iwwer Mënschenhandel publizéiert déi dem Public d'Notioun vun Mënschenhandel soll méi no bréngen an an där d'Coordonnée vun den Ulaafstellen am Fall vun Verdacht vun Mënschenhandel sech befannen.

D'ASBL Femmes en détresse huet desst Joer och eng Brochure erausginn déi sech éischter un d'Affer riischt an hinnen konkret Informatiounen liwwert wou si sech kennen wennen an wat fir Hëllefen ugebueden ginn. Fir dat nächst Joer ass eng Campagne publicitaire geplangt fir en gréisst méiglechen Public mat

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

136-0C-3144-20041018-FR

der Thematik ze sensibiliséieren. Ausserdeem gëtt eng Table ronde an Zesummenaarbecht mam GRETA organiséiert. Desweideren schafft d'Regierung intensiv an sellegen Aarbechtsgruppen mat, déi sech deem Thema verschriwwen hunn an wou et ënner anerem em den Austausch vun „bonnes pratiques" geet an eng besser Cooperatioun zwëschen den verschiddenen Memberstaten ewéi zum Beispill am Cadre vum „Benelux".

6. Déi aktuell Gesetzgebung, wat den Mënschenhandel ugeet, ass absolut konform zu den europäeschen Texter déi integral ëmgesaat goufen. Ze vermierken ass dass d'Plattforme „Prostitution" e puer legal Ännerungen proposéiert huet déi et effektiv den Justizautoritéiten an och der Police et géifen erlaben méi einfach hier Aarbecht kennen ze verriichten.